N°5524
Reçue le 20.01.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 20.01.2022

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech folgend **parlamentaresch Fro** un den Här Minister fir d'Edukatioun.

An Däitschland huet d'Regierung elo rezent bekannt ginn, datt sougenannt « Querdenker » am Kontext vun der Covid19-Pandemie säit leschtem Joer Dreebréiwer u Schoulen, Léierpersonal a Crèchë verschéckt hunn. D'Léierpersonal an d'Verwaltung kréien des Messagë souwuel via Mail oder Chats, a cibléieren d'Infektiounsschutzmossnahmen di an de Schoulen en place gesat goufen.

Des weidere goufen et och Temoignagë vun Demonstratiounen am Ëmkrees vu Schoulgebaier, an awer och Eltrenowende wou Drohunge géigeniwwer vum Schoulpersonal geäussert goufen, déi och a verschidde Fäll zu Plaintë gefouert hunn.

Virun dësem Hannergrond wëll ech folgend Froen un de concernéierte Minister stellen:

- Huet de Minister Kenntnis vun esou Virfäll a Schoulen, Lycéen an/oder Crèchen hei zu Lëtzebuerg ?
- Wa jo, em wéi eng Virfäll handelt et sech do genau ? Wéi eng Mesüre respektiv Konsequenze goufe gezu vis-à-vis vun de Leit di esou Drohunge geäussert hunn, a wat gouf en place gesat fir d'Personal ze schützen ?

Mat déifstem Respekt,

Diane Adehm

Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5524 vun der honorabeler Deputéierte Diane Adehm**

Souwuel d'Direktioune vun de Lycéeë wéi och d'Regionaldirektioune vum Enseignement fondamental kréie reegelméisseg Bréiwer an E-Maile vu Persounen, déi de sanitären Dispositif, deen am Enseignement applizéiert gëtt, contestéieren. Bei deene Messagë gëtt sech och alt emol am Toun vergraff. Déi betraffen Direktiounen an och eenzel concernéiert Enseignantë probéieren dës Situatiounen professionell, duerch roueg a sachlech Gespréicher ze berouegen, wat bis elo an der Reegel och gelongen ass. Hei gëtt vun de Leit, déi dem Educatiounsministère ënnerstallt sinn, eng remarkabel Opklärungsaarbecht geleescht.

Just iwwer zwee méi schwiereg Fäll, mat deenen Mataarbechter konfrontéiert waren, goufen dem Parquet Informatioune weidergeleet, ouni datt awer eng Plainte vu Säite vu mengem Departement gemaach gi wier.

Wat esou Virfäll an de Crèchen ubelaangt, esou ass dem Educatiounsministère – no Concertatioun mam Secteur – keng Situatioun bekannt, wou Dreebréiwer respektiv Messagë verschéckt goufen, déi de sanitären Dispositif betreffen, deen an de Crèchen appliZéiert gëtt.

Lëtzebuerg, den 1. Februar 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH